N°5884
Reçue le 31.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro N° 5884 vum 7ten März 2022 vun der Madamm Députéierter Diane Adehm an dem Här Deputéierten Laurent Mosar zum Sujet « Aides à la presse »**

1) Ass sech den Här Minister bewosst, datt eng bestëmmte Lëtzebuerger Dageszeitung an hire Beiträg zum russeschen Ugrëffskrich géint d'Ukrain sech kloer a Richtung vu pro-russescher Propaganda beweegt?

Et ass net um Minister fir Kommunikatioun a Medien fir de Contenu vu Publikatioune ze bewäerten. Am Fall vun engem Androck vu falschen Informatiounen oder dem Net-Respekt vun der journalistescher Deontologie oder dem Devoir de véracité, wéi en am Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'Liberté d'expression dans les médias steet, besteet d'Méiglechkeet, och fir déi honorabel Deputéierten, sech un de Conseil de presse oder d'Geriichter ze adresséieren.

2) Kann den Här Minister eis informéiere wéi vill déi genannten Zeitung u Pressehëllef kritt?

D'Montante vun der Pressehëllef si public an hei disponibel : https://data.public.lu/fr/datasets/montants-de-la-promotion-de-la-presse-ecrite-et-en-ligne/

3) Ass den Här Minister net der Meenung, datt ee bei Publikatiounen, déi elo nach Russland als Aggresseur ënnerstëtzen, d'Pressehëllefgesetz mist applizéieren an entspriechend d'Pressehëllef kierzen oder sträichen? Wa jo, vu wéini un? Wann nee, firwat net?

De Minister verweist op déi nei Obligatioun vun Transparenz, déi mat der Reform vun der Pressehëllef agefouert ginn ass, déi d'Bénéficiairen vun der Pressehëllef obligéiert, hir redaktionnell Linn transparent oppenzeleeën, fir datt de Lieser d'Informatioun beschtens anuerdne kann.

De Minister ass net der Meenung, datt d'Pressehëllef soll un d'Conditioun vun enger bestëmmter politescher Meenung gebonne sinn, soulaang se am legale Kader bleift an d'Publikatioun weiderhin iwwert lëtzebuergesch Pressekaarte verfügt.

Luxembourg, le 30 mars 2022

Le Ministre des Communications et des Médias

(s.) Xavier Bettel

[1] Proposition de DIRECTIVE DU PARLEMENT EUROPÉEN ET DU CONSEIL concernant des mesures destinées à assurer un niveau élevé commun de cybersécurité dans l'ensemble de l'Union, abrogeant la directive (UE) 2016/1148